



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14. Juni 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Kulturminister an den Här Educationminister weiderzeleeden.

Als Enseignant an enger Lëtzebuenger Museksschoul (sief daat an der UGDA oder an der A.E.M.) huet een, je no Kontrakt, eng festgesaten Zuel vun Unterrechtsstonnen vu 60 Minutten. D'Zuel vu Minutten, déi engem eenzele Schüler zégutt kënnt, hänkt am Prinzip vu sengem Niveau of. D'Verdeelung vun deene Minutten pro Schüler ass awer net eenheetlech gereegelt.

Esou huet e Schüler deen ufänkt en Instrument ze léieren – also an der « Initiatioun » - dacks eng Zäit vunn 20 Minutten zégutt. De Contingent vu Schüler kéint deemno esou ausgeluecht ginn, datt en Enseignant noeneen bis zu 3 Ufankschüler pro Unterrechtsstonn (« leçon ») ënnerriichte misst.

Et kënnt an der Praxis dacks vir, datt Enseignanten, déi dee selwechte Kader hun, also déi selwecht Unzuel un « leçons » ënnerriichte mussen, eng substantiell verschidden Zuel u Schüler vu vergläichbarem Niveau betreien. De Belaaschtunsniveau vum den Enseignanten kann also bei der selwechter Bezuelung an deem selwechte Kader je no Schoul staark variéieren.

An dem Zesammenhang géif ech gär déi folgend Froen un déi Häre Ministere stellen:

1. Huet d'Regierung eng informéiert Meenung oder souguer eng konkret Virstellung iwwer d'Organisatioun vun der Aarbecht bei de Museksenseignanten?

2. Wéi eng Qualitéitscritären sollen der Regierung hirer Meenung no an dësem Beräich gëllen ? Wéivill Schüler kann en Enseignant maximal pro Unterrichtsstonn (« leçon ») betreien fir datt eng héich Qualitéit vum Unterricht garantéiert ass ?
3. Huet d'Regierung vir allgemeng Regeln anzeféieren fir d'Qualitéit vum Musekunterricht ze garantéieren a wa jo, wéi eng, wéini an a wéi enger Form ?
4. Gëtt et elo schonn allgemeng a bannend Regeln déi de « minutage », also d'Zuel vu Minuten pro Schüler, a Correlatioun zu sengem Niveau setzen ? Wann nee, ass dru geduecht, fir dat reglementaresch ze fixéieren ? Wann et esou Regele gëtt, gëllen déi dann fir all Musekschoulen am Land ?
5. Denkt d'Regierung z.B. datt sollt eng Maximalzuel u Schüler fetgeluegt ginn, déi een Enseignant a sengem Kader kann zougewise kréien? Soll déi Maximalzuel u Schüler vum Niveau vun de Schüler ofhänken a wa jo, no wéi enge Critèren soll dee Kader vum Enseignant dann opgedeelt a strukturéiert ginn ?
6. Gëtt et Regeln déi d'Anciennetéit an/oder de Formatiounsniveau vum Enseignant berücksichtegen wann et ëm d'Opdeelung vu sengem Kader geet (Zuel vu Schüler, Niveau vun de Schüler, an esou virun...) ?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Députéierten